



N°6684  
Entrée le 19.08.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 19.08.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/08/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Am September 2020 huet de Verband Bildung und Erziehung (VBE) an Däitschland d'Resultater vun enger Ëmfro zu Gewalt géint Schoulpersonal an Däitsche Schoule presentéiert. 40% vun de Schulleitungen a Grondschoolen hunn hei kierperlech Aggressiounen géigeniwwer dem Léierpersonal uginn. Dëse Wäert huet par Rapport zu der Ëmfro 2018, respektiv 2016, zougeholl. Laut VBE kéint dëst am Zesummenhang domat stoen, dass vill Kanner net wëssen, wéi ee mat Konfliktsituatiounen soll ëmgoen. Mee och Kanner kënnen Affäre vu Gewalt an der Schoul ginn a wëssen net ëmmer u wien se sech an dem Fall wende sollen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Huet de Minister Zuelen heiriwwer, wéi vill Fäll et am Fondamental an deene leschte 5 Joer gouf, wou eng Persoun vum Léierpersonal Affäre vu Gewalt duerch Schüler gouf?
2. Huet de Minister Zuelen heiriwwer, wéi vill Fäll et am Fondamental an deenen leschte 5 Joer gouf, wou een Schüler Affäre vu Gewalt duerch eng Persoun vum Léierpersonal gouf?
3. A wéi ville Fäll ass a béiden Szenarien d'Police ageschalt a Plainte deposéiert ginn?
4. U wien sollen sech d'Kanner am beschte wenden, wann si Affäre vun esou Gewalt sollte ginn?
5. U wien sollen sech d'Enseignanten am beschte wenden, wann si Affäre vun esou Gewalt sollte ginn?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven

Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)